

Wei trou an zefridden dei Jugendlech am Internat sinn, dovu konnte

sech am Abrëll drai vun eise Memberen

op der Plaz selwer e Bild maachen.

Hei en Auszuch vun engem Brëf  
vum Cesia, 19 Joer, Schülerin:

Möien

Mätin Numm ass Cesia

García Guzmán. Ech hunn 19 Joer

a wunnen zu Guillaallo, Cochabamba.

Ech sinn zu 10 doheem, ech hunn 8 Geschwëster(...)

an huun dat 5. Meedchen, an nu meng Schoul

ofgeschloss. Elo well ech e Beruf léieren. Gott sei dank

sinn ech hei am Internat vun der Fundacion Cristo

vive "Sayarínapaj" wat openeen Äerm emfange

ginn. Ech wollt interne sinn, well ech mat menge

Studie weider komme well. Mat Papp a meng Mann

huun net genuch Sue fir meng finanziell bei menge

Studien z'ënnerstëtzen, well si och menge kleng

Brieder hëllef an d'Schoul ginn, an meng

zwee Neueen, déi bei hinnen wunnen. Meng grous

Brieder hënnen d'Chance net fir weider ze léieren.

Ech will meng Geschwëster

weisen, dass ee weider komme kann an erreche wat

ee will, wann ee sech dofir asetzt. Ech will, dass

meng Famill stolz op mech ass, wann ech e gudden

Handwerker ginn.

Wann Dir nach gäre weider Informationen hätt oder interesséiert sidd

fir e Parrainage z'iwwerhuelen, da kënt Dir eis gäre kontaktéieren.



## De Parrainage

Bei eisem Projet ënnerstëtze mir 32  
Schüler aus der Berufsschoul  
Sayarínapaj zu Bella Vista, engem  
klengen Duert bei der Grousstad  
Cochabamba, am Zentrum vu  
Bolivien.

Di jonk Leit am Alter vun 15 - 19  
Joer kommen aus ganz aarme  
Verhältnisser a kruten duerch  
d'Organisation Cristo Vive Bolivia  
d'Chance fir am Internat vun der

Schoul ënnerzekommen.



D'Schüler während hirer Ausbildung,  
hei am Schränersteller

Den Openthalt am Internat (lessen,  
Encadrement a lafend Käschten)  
gëtt mat 20 Euro pro Mount  
berechent. D'Familien, déi des  
Zomm net kënnen opbréngen, ginn  
e Bäitrag a Form vu Liewensmittel,  
wei zum Beispill Gromperen, déi si  
selwer ubauen. D'Schüler selwer  
kënnen och kleng Aarbechten am  
Internat verrichten an sou hiren  
Deel zum gudden Fonctionnement  
bäidroen

Mat Ärem Don fir de Parrainage gitt  
Dir de bolivianesche Familien  
d'Méiglechkeet hire Kanner eng  
Ausbildung ze bidden, ouni dobäi op  
dat noutwenngst ze verzichten

Eis Asbl *Andamosi* ass nach jonk - offiziell besteeet sie zënter Dezember

2008. An dëser kuerzer Zäit hu mir scho vill Leit begéint, déi mat groussem  
a kleng Spenden hëlfe ze hëlfe an eis bei villen Aktiounen  
ënnerstëtzen. Sou konnte mir dës Joer am Abrëll den eische Scheck a  
Bolivien iwwerrechen. Dir kënt also versécheret sin, dass Är Suen an di  
richteg Hänn komm sinn.

**Muchas gracias - Villmoos Merci fir Ären Asaz an Är Generositéit!**

D'Scheckiwwer-

Büro vu Cristo

Vive Bolivia zu

Cochabamba

(v.l.n.r. Leslie

Gompelmann,

Fränk Arend,

Luc Azzeri,

Schwester

Karoline Mayer

(Präsidentin vu

Cristo Vive),

Nicola Wiebe,

Géante vu


Cristo Vive

(Bolivia)



Mir wëllen och nach eng Keier preziséieren, dass d'Visite an Südamerika vun all  
Eenzelne selwer bezelt gouf, an dass Är Done komplett de Leit op der Plaz ze  
gudd kommen.

## Bolivien: Land a Leit



Bolivien ass mat enger Fläch vun 1.098.581 km<sup>2</sup> ongeféier 425 mol mei grouss wéi Lëtzebuerg an et wunnen 10,5 Milliounen Leit hei. 72% vun der Bevëlkerung huet indigène Virfahren, dat heescht si stame vun der ursprénglecher Bevëlkerung of. Di aner sinn Nokomme vun de spuenesche Kolonisten, déi am 16. Jorhonnert an d'Land komm sinn. Bis 1825 war Bolivien eng spuenesch Kolonie.

Zwee Drëttel vun de Bolivianer liewen an Aarmut, 40% souguer an extremer Aarmut. An dat obschonns d'Land räich u Buedemschätz ass: fréier gouf vill Sëlwer an Zënn ofgebaut, haut bréngt den Äerdgas Profit. Mee d'Sue si laang Zäit iwwer di grouss Konzern an d'Ausland gefloss, an di lokal Bevëlkerung huet net dovun profitéiert. Zënter 2006 ass den Evo Morales Präsidant vun Bolivien, den éischte Regierungschef mat indigène Wuerzelen. Hien huet d'Äerdgasindustrie verstaatlecht an et besteet de Wëlle fir eng méi gerecht Verdeelung vun de Räichtümer. Et gëtt also Hoffnung!



Eis éischt Projet'en sin all an der Géigend vu Cochabamba, am Zentrum vu Bolivien

## Projeten

Mer versichen eis bescheide finanziell Mëttelen do anzesetzen, wou se eis am sënnvollsten erschéngen, an op d'Uleies vun de Leit a Bolivien anzegoen:

- Als absolut noutwenneg hu mer e "**Gesondheetsfonds**" betruucht. D'Krankeschwëster Annette, déi zu Tirani am Asaz ass, huet bericht, dass krank Leit dacks op en Traitement, op eng Operatioun oder op Medikamenter musse verzichten, wëll sie d'Suen net kënnen opbréngen. Mer versichen hei eise Bäitrag ze leeschten, fir dass am Noutfall gehollef ka ginn.

- Mer hu **Bicher iwwer Holzveraarbechtung** a Bolivien matgeholl, déi d'Enseignanten aus der Schräinerei sech gewünscht hun. Zäitgeméisst didaktescht

Material ass hei schwéier ze fannen oder net ze bezuelen.

- E weidere Projet am Beräich Erzéiung ass d'**Ausbildung vun enger Educatrice**, déi zu Tirani an der Crèche schaffe wärt. Mer engagéieren eis fir d'Onkäschte fir d'Formatioun vun enger Fra aus Tirani ze droen.

All des Projekte krute mer vum Nicola Wiebe vermëttelt, der Gérante vu *Cristo Vive Bolivia*. Mer hu regelméisseg mat him Kontakt fir de Fortgang ze beschwätzen an auszewäerten.

An et gëtt nach sou vill ze dinn...

### Andamos! asbl

3, rue Michel Rodange  
L-7681 WALDBILLIG  
Tel 26 81 08 29

www.andamos.lu info@andamos.lu  
BCEE LU 80 0019 2955 3635 3000

### Weider Informatiounen kritt Dir bei:

Carmen Seyler a Luc Azzeri  
Liesie Gompelmann a Fränk Arend  
Marc Frieden an Nadine Lamesch

i Andamos!  
zesumme mat Latäinamerika



n°1

2009

● Parrainage

● Land a Leit

● Projet'en